# YouTube Workshop “Looss dech net täuschen”

Service éducatif

Musée national d’histoire naturelle du Luxembourg

Léift Léierpersonal, Educateuren an Elteren,

Hei fannt dir eng Lëscht vun deem wat dir braucht wann dir wëllt dëse Workshop mat Kanner maachen. Dëse Workshop gouf ausgeschafft fir de Science Festival Lëtzebuerg an huet als Zilpublikum Kanner tëschent 9 an 12 Joer.

## Zum Workshop

Scant de QR-Code oder gitt folgende Shortlink an de Browser an

https://bit.ly/3DmwXNX


SCAN ME




## Materiallëscht

- **Personaliséiert Enveloppe** fir all Kand**:**
  - **Print duerfir w.e.g. fir all Kand** d’Säiten 2 an 3 vun dësem Dokument wa méiglech op **wäisse** Pabeier eraus.
  - Schneit dann déi eenzel Biller um grénge Stréch eraus.
  - **Maacht se an eng A5-Enveloppe a pecht d’Etikett “Post vum Professer Illu SIOUN” vir drop. Schreift den Numm vum Kand op d’Etikett, sou dass all Kand seng personaliséiert Enveloppe huet**. Pecht d’Enveloppe w.e.g. net zou soss verléieren d’Kanner ze vill Zäit fir se opzemaachen.
  - **Deelt w.e.g. d’Enveloppe virum Ufank vum Workshop un d’Kanner aus** a preziséiert, dass si se eréischt opmaachen dierfen, wa si wärend dem Workshop dozou opgefuerdert ginn.
- **All Kand** brauch zousätzlech e **roude, bloen a gréngen Tuschbic** an e **wäisst Blat Pabeier**
- **Computer** mat **Beamer** (oder grouss Televisioun) an Internetuschloss




Léif Gréiss a vill Spaass,

Dr. Illu Sioun, Aline a Patrick


Bei Froen Email op afischer@mnhn.lu oder op pdelhalt@mnhn.lu

Schneit w.e.g folgend Biller jeeweils um


**grénge Stréch** aus




**Diebelt** w.e.g. de **rietsen** Deel an de **lénksen** Deel vum Bild **op der Linn 1** resp. **2 no hannen. Diebelt** dann d'Blat op der **Linn 3** zesummen. Foto op Säit 4.




Schneit w.e.g. d'Biller mat de Gespenster um grénge Stréch eraus, sou dass dir herno **3 eenzel Stécker** hutt (Foto op Säit 4).



**Vum: Prof. Dr. Illu SIOUN**
**Uni Loossdechnettäuschen**






**Fir:** ______________________________

______________________________

## Personaliséiert Enveloppe fir all Kand




## Inhalt vun all Enveloppe




## Weider Infoen an Illusiounen:

- Vill flott Illusiounen http://www.ritsumei.ac.jp/~akitaoka/index-e.html
- Geometresch Illusiounen:
    - Buch mat Geometreschen Illusiounen : “Geometresch Illusiounen : Mathématique, Magie et mystère » vum Martin Gardner, Magix Unlimited – Strasburg
    - AVOIR DU CHOCOLAT A L'INFINI - Norbert explique nous https://www.youtube.com/watch?v=fE_eddIw1Vc
- Additive Farbmischung
    - Colorlab http://www.spectrumcolors.de/cor_rgb_demo.php
    - RGB-Farbmischer https://informatik.schule.de/rgb/RGB_farbmischer.html